



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick  
Tel: 247 85512  
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service central de Législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 Luxembourg

REÇU  
Par Christine Wirtgen, 15:20, 29/09/2020

Luxembourg, le 29 septembre 2020

Réf. : 831x15537

**Concerne:** Question parlementaire n° 2711 du 24 août 2020 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 2711 du 24 août 2020 de Monsieur le Député Sven Clement concernant le "Vaccin contre la Covid-19".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.



**Paulette LENERT**  
Ministre de la Santé





**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 2711 du 24 août 2020 de Monsieur le Député Sven Clement concernant le "Vaccin contre la Covid-19".**

1. Wéi vill Dosissen vum Impfstoff géint de Coronavirus kritt Lëtzebuerg vun der EU-Kommissioun zougesprach?

D'Europäesch Kommissioun, zesummen mat den eenzelnen Memberstaaten, ass am gaangen mat verschiddenen Impfstoff-Produzenten sougenannten "Contrats d'achats anticipés" auszehandelen déi et erméiglechen eng gewëssen Unzuel vun Impfstoff-Dosen ze reservéieren an anzekafen wann en Impfstoff bis disponibel ass.

Bis elo huet d'EU-Kommissioun een Accord d'achat anticipé mat der Firma AstraZeneca ënnerschriwwen fir d'Bereedstellung vun 300 Milliounen Impfstoffdosen an 100 Milliounen zousätzlech Dosen wann néideg. Parallel lafen och Diskussiounen mat aneren Firmen.

D'Verdeelungen vun den Impfstoff-Dosen, wann se bis disponibel sinn, wäert nom Prinzip vun engem Prorata vun der Awunnerzuel vun den verschiddenen Memberstaaten gemeet ginn. Soumat wäert fir Lëtzebuerg automatesch en Prorata vun 0.14 % vun der globaler Commande séchergestallt ginn. Wann dat néideg ass, kann Lëtzebuerg nach ëmmer zousätzlech Dosen iwver d'EU-Kommissioun bestellen.

2. Kann d'Regierung confirméieren, datt di uewe beschriwwen "Net-Haftungs-Klausel" keen Deel vum Accord ass?

Den Kontrakt deen d'EU-Kommissioun mat AstraZeneca ausgehandelt huet gesäit Konfidentialitéitsklausel vir. Och wann rezent desbezüglech Informatiounen an der internationaler Presse divulgéiert ginn sinn, ass et eis zu dësem Zäitpunkt net méiglech méi Informatiounen zu den Dispositiounen déi am Kontrakt festgehalten ginn sinn ze divulgéieren.

D'Indemnisiatioun vun eventuellen Schied déi duerch eng Impfung kënnen optrieden sinn duerch d'Gesetz vum 4 Juli 2000 ofgedeckt (relative à la responsabilité de l'Etat en matière de vaccination).

Déi uewen genannten legal Dispositiounen bleiwen applicabel an sinn net impaktéiert duerch eventuell Klauselen am Kontrakt mat AstraZeneca.

3. Wéi gesinn di generell Konditiounen vum Accord tëschent der EU, Lëtzebuerg an AstraZeneca aus? Wéi eng Obligatiounen hunn di jeweileg Vertragspartner?

Och hei ass et eis duerch d'Konfidentialitéitsklausel déi den Kontrakt mat AstraZeneca virgesäit zu dësem Zäitpunkt net méiglech weider Detailer zum Kontrakt deen d'EU-Kommissioun mat AstraZeneca ofgeschloss huet ze ginn.